# LOUTRES NEWS



Nov, Dec Nummer 2/2019/2020

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311







## Kreschtmaart 30/11 - 01/12

## Après Ski Camp : 27-29. Dezember 19

Les Loutres de Mersch, groupe scout affilé à la FNEL

Adresse officielle :
**"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

# Loutres News N°02 2019/20

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.


| | |
|---|---|
| Rédactioun: | Jacoby Vic |
| Mataarbecht : | D´Cheffen vun den Loutres<br>An all Member, deem des Zeitung nët egal ass. |
| Drock: | Eegen Drock |
| Adress: | LOUTRES NEWS<br>c/o Jacoby<br>17, rue des Champs<br>L-7521 Mersch<br>Tel: 691631616 |
| Adress vum Home: | 16, Haardter Wee<br>L-7534 MERSCH<br>B.P.31<br>L-7501 Mersch |
| Internet: | www.scouts-loutres.lu |
| Konto: | Les Loutres Mersch<br>**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000** |


| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

## RAPPEL COTISATION 2019 / 20

25€ (43€ fir nei Memberen)

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Les Loutres Mersch
Mentioun : « Cotisatioun 2019/2020»
Numm a Virnumm vum Kand

**FNEL Scouts**
**Les Loutres de Mersch**

16, Haardter Wee, L-7534 MERSCH
B.P.31 L-7501 MERSCH
www.scouts-loutres.lu
CCPL : LU03 1111 2051 4284 0000

Miersch, am Oktober 2019

# Invitatioun op eis Assemblée Générale

« Les Loutres de Mersch » invitéiert Iech ganz häerzlech op hier Generalversammlung

Freides den **22. November 2019**

um 19h30 am Home um Haardter Wee

Mir géifen eis freeën Iech alleguer begréissen ze dierfen.

Um Ordre du Jour steet Folgendes:

- Begréissung duerch de President
- Rapport vum Grupp
- Rapport vum Sekretär
- Rapport vum Tresorier
- Rapport vun den „Reviseurs de Caisse“
- Cotisatioun
- Decharge vum Comité
- nei Komiteesmemberen
- Projets2019/2020
- Divers

Duerno géifen de Comité an d'Cheffen Iech op e Patt an Chili Con Carne invitéieren.







# Hüttengaudi — Krëschtcamp 2019

- Du gees net mat denken Elteren an der Chrëschtvakanz Skifueren an du wëlls awer an Après-Ski Stëmmung kommen?
- Oder villäicht dach an du wëlls schonn am viraus an Stëmmung kommen?
- Oder awer du kenns grad aus der Vakanz erëm an wëlls net aus der Stëmmung eraus? (Vir Unzekräizen)

Dann hunn mir den perfekten Camp vir dech. Komm mat op eisen Hüttengaudi 2019!

Rendezvous : Freides den 27. Dezember 2019 um 14:00 op der Gare zu Miersch (den Zuch fiert um 14:19 op Diekrech)

Retour : Sonndes den 29. Dezember 2019 um 15:09 op der Gare zu Miersch

Mathuelen: Rucksak, Schlofsak, Gamelle, Besteck, Becher, Schlappen, deck Schong, Pyjama, Kichenduch, Wäsch Saachen, dem Wieder ugepassten Gezei, an natierlech gutt Laun.

Ganz wichteg!

1. Er däerf näischt BAUSSEN um Rucksak hänken alles soll bannendran sinn, falls dat elo wierklech onméiglech wär dann bieden mir iech alles wat baussen ass an enger POUBELLESTUT anzepaken, soss riskéiert äert Kand an engem naassen Schlofsak ze schlofen
2. Wann dir dem Kand den Rucksak paakt dann maacht dëst w.e.g mam Kand zesummen, vir dass äert Kand weess wat am Rucksak dran ass.

Präis: 40 Euro sinn bis den 17.12.19 op den Kont vun den „Les Loutres Mersch" CCPL: LU97 1111 0731 7537 0000 ze bezuelen Mentioun: „Hüttengaudi 19 + Numm vum Kand",

Wou mellen ech mech un :

- Iwwert den Site (ennert der Rubrik „Programm" fann der „Formular Umellung)

Umeldung bis den 17. Dezember 2019

SCAN ME

Lénks Patt,
Deng Cheffen

Wëllefchen,

Den nächste Summer feieren d'Wëllefcher vun der FNEL 100 Joer.

Dofir fënnt en grousse Camp fir alleguerten d' Wëllefcher vun der FNEL statt. Hei hues du d'Geleeënheet wärend 7 Deeg mat alle denge Kollegen aus de Wëllefcher flott Deeg ze verbréngen. Mir wäerte spillen, fuerschen, entdecken an natierlech zesummen de grousse Gebuertsdag feieren.

Looss dir d' Chance net entgoe fir dobäi ze sinn:

Wéini : vum **18-24. Juli 2020**

Wou : an der Woiwer Schoul zu Déifferdéng

Präis: +-250€

Mell dech sou séier wei méiglech bei dengem Meute Chef un bis den 15. Dezember 2019 an iwwerweis den 1. Acompte vu 50€ (net remboursabel) op de Kont vun dengem Grupp bis den 10. Januar 2020.

Kont "Les Loutres Wëllefcher" LU98 1111 2051 4385 0000 mat der Mentioun MOGLICA a "Numm vum Kand"

Deng Wëllefchers Cheffen

Fédération Nationale des Éclaireurs et Éclaireuses du Luxembourg

61a, rue de Trèves | L-2630 Luxembourg | CCPL LU18 1111 0086 6128 0000
Tél.: +352 26 48 04 50 | Fax: +352 26 48 04 50-50 | mail@fnel.lu | www.fnel.lu

# Scouten a Guiden

## Summercamp 2020 an de Vogesen



Salut léif Scouten!

Wei der schonn wësst hunn mer wëlles am Summer d'nächst Joer mat Iech op méi e Grousse Camp ze goen. Mir ginn mat Iech an Frankräich - fir méi genau ze sinn an d'Land vun de Storchen. Mir wäerten Iech am laf vum Joer gutt op dësen Camp virbereeden an mir hoffen dat der zu vill an motivéiert mat eis op dëst Abenteuer gitt!

Wéini? Vum **16. – 26. Juli 2020**

Wou? An de **Vogesen**, an der Géigend em Géradmer

Wat fir en Camp? E Camp Volant, dat heescht mir ginn vun Campplaatz zu Campplaatz

Wat maache mir do? Mir ginn Back to de Roots: mir ginn zu richtegen Scouten, mir Hiken, mir maachen power Aktivitéiten, mir kachen selwer an nach villes méi.

Präis? 450€ pro Persoun

Umellen? Mell dech sou séier wei méiglech bis den **15. Dezember** provisoresch un. Detailer fir sech fest unzemellen ginn et an der nächster Zeitung.

Fir Iech den Camp am Detail ze erklären wäert den **18.1.2020** eng **Eltereversammlung** zesummen mat iech sinn. Op deem Dag kommt dir wei gewinnt um 14h00, mat ären Elteren fir eng Versammlung vun 16h00. Do erklären mer iech d'Detailer vum Camp. Et as och geplangt mat iech an ären Elteren en Rucksaack-paack Workshop ze maachen. D'Elteren déi net kënnen präsent sinn, kréien wei déi aner en Resumé mat den wichtegsten Infoen per mail.

Bei froen mellt Iech bei den Scoutscheffen.

**Lénks Patt, d' Scoutscheffen**


| | | |
|---|---|---|
| Jennifer Vosman CT | 621 662 114 | jenny_vosman@hotmail.de |
| Carissia Demoutiez ACT | 691 727 569 | cdemoutiez@gmail.com |
| Claire Merenz ACT | 661 929 592 | claire.merenz@hotmail.com |
| Pierre Prickearts ACT | 621 738 748 | prickp@hotmail.de |
| Désirée Tousch ACT | 621 400 732 | desiree.tousch@gmail.com |
| Jhang Felten ACT | 621 790 389 | jhang.felten@gmail.com |

Explorer

Salut Explorer! – Hei de Programm

| | |
|---|---|
| 9. November | keng Versammlung |
| 17. November | Wanterhike FNEL |
| 23. November | Versammlung |
| 30. – 1. Dezember | Kreschtmaart |
| 7. Dezember | Versammlung |
| 14. Dezember | Versammlung |
| 21. – 4. Dezember | Vakanz |
| 27. – 29. Dezember | Kreschtkamp |

# Wanterhike 2019

Hallo Explorer!

Hues du Loscht en relaxen Dag mat aneren Explorer aus dem Land ze verbréngen an e bëssen duerch d'Land ze tréppelen?

Dann ass eisen **Wanterhike**, den **17. November 2019** genau dat Richtegt fir dech an deng Unitéit!

- **START ?** um **08h00** bei der Gëlle Fra an der Staat
- **SCHLUSS ?** um **18h00** op der Gare zu Miersch
- **PRÄIS?** **9€** op de Kapp, ze iwerweisen pro Grupp un:

  **Kontonummer FNEL: CCPL LU56 1111 2166 1009 0000**

Du brauchs just dem Wieder ugepasste Kleeder, gutt Schong, eng Gamelle an däi Bidon.
Bréng wegl. och d'Kaarten R5 + R7 mat (+Réimer)

**Du kanns eleng oder mat der ganzer Unitéit matgoen.**

**Umellen** muss de dech bis den **3. November 2019** ënnert explorer@fnel.lu

Lénks Patt,

Är Explorer - Ekipp

D'Loutres invitéieren och dëst Joer erëm op den Mierscher Chrëschtmaart wou mir mat eisem gudden Glühwäin an aneren gudden Saachen vertrueden sinn.

**Kreschtmaart den 30.11 an 01.12.19**
**Samstes vun 17 - 01 Auer**
**Sonndes vun 11 - 18 Auer**

**Weinzoosis mat Moschterzoos a Brout**

**Glühwein**
**Beier**
**Softdrinks**





Les Loutres de Mersch